1-2019-O-M-5822-01 (n°3197)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven & GOERGEN Marc

Luxembourg, den 13/05/2020

# Resolutioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- Et besteet eng grouss Demande säitens den Deputéierten no enger klorer Kommunikatioun vun de Krisemesurë vun der Regierung ;
- et besteet eng grouss Demande säitens der Zivilgesellschaft, fir méi an de Krisemanagement vun der Regierung a vun der Chamber agebonnen ze ginn ;
- datt d'Abezéie vun der Zivilgesellschaft an d'parlamentaresch Aarbecht, eis Demokratie stäerken kann;
- den Artikel 22 vum Chambersreglement gesäit fir, datt d'Kommissiounen d'Méiglechkeet hunn «Auditions publiques» z'organiséieren.

**Aus dëse Grënn decidéiert d'Deputéiertechamber:**

1. Ënner dem Abanne vun alle mat der Coronakris befaasste Chamberkommissiounen, ee Rapport spécial ze veröffentlechen, deen op d'Pistes de sortie de crise, sou wéi op d'Léieren, déi aus der Kris ze zéie sinn, ageet.
2. Virun der Veröffentlechung vum Rapport spécial, eng global oder méi eenzel Auditions publiques ze organsiéieren.
3. D'Zivilgesellschaft am Kader vun dësen Auditions publiques ze héieren.

Sven CLEMENT

Marc Goergen